# Déi pädagogësch Ekippe vun der Schoul Réiden stellen sech vir.

Léif Elteren, léif Erzéiungsberechtegt,

Am schouleschen Alldag ginn d'Schoulkanner vun hirem jeeweilegen Titulaire de classe a vun een bis zwee Surnumerairen an de Klasse betreit. Den Titulaire, deen ären éischten Uspriechpartner bei schoulesche Froen ass, gëtt bei senger Aarbecht net nëmmen vun den Surnumeraire ënnerstëtzt,déi an der Klass schaffen, mä och vun enger ganzer Ekipp. Déi sougenannten „équipes pédagogiques" sëtzen sech aus all den Titulairen a Surnumerairen aus engem Cycle zesummen. A regelméissegen Ofstänn versammelt sech „d'équipe pédagogique", fir sech iwwert gemeinsam Léieraktivitéiten, Projeten, Differenzéierungsmoosnamen asw. ze beroden an hält all Beschloss schrëftlech a Form vun engem Rapport fest, déi vum Coordinateur de Cycle opbewaart ginn. Duerch Décisioun vun der „équipe pédagogique" kann eng Schülerin oder e Schüler, déi/deen no engem Joer d'Léierziler vum Cycle erreecht huet an den nächsten Zyklus opgeholl ginn. Ëmgedréint, an no Analyse vun de Léierprozesser, beschléisst "d'équipe pédagogique" awer och, op eng Schülerin oder e Schüler säi Cycle an dräi Joer maachen muss, well d'Zilsetzungen vum Zyklus, esou wéi se am Léierplang verankert sinn, nët erreecht huet. Duerch Décisioun vun der "équipe pédagogique" kann eng Schülerin oder e Schüler en zousätzlecht Joer am Zyklus verbréngen, fir him d'Méiglechkeet ze ginn déi Ziler z'erreechen, déi fir d'Enn vum Zyklus definéiert sinn (Art.23 Loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental).

Zu de Missiounen vun der „équipe pédagogique", gehéiere ënnert anerem laut dem Art. 1. vum Règlement Grand-Ducal vum 27 Abrëll 2009:

- d'Léier- an Differenzéierungsmoossnamen z'organiséieren fir d'Bestëmmungen vum Plan d'études, esou ewéi och d'Ziler vum Schoulentwécklungsplang op Niveau vun de Klassen vum Zyklus ze transposéieren;
- d'Schülerinnen a Schüler vun engem Zyklus kuerzfristeg, hire Bedierfnisser no, a Léiergruppen oder Interesseprojeten ze verdeelen, fir all Schülerin a Schüler déi optimal Léierbedingungen bidden ze kënnen;
- Léieraktivitéiten an Appuisstonnen no de Bedierfnesser vun de Schülerinnen a Schüler am Zyklus ënnert den Teammemberen ze verdeelen;
  […]
- Evaluatiounssituatiounen z'entwéckelen an ëmzesetzen;
- d'Leeschtungen vun de Schülerinnen a Schüler ze bewäerten;
- d'Elteren iwwer d'Organisatioun an d'Evaluatioun vum Léieren z'informéieren;
- a Consultatioun mat de Membere vun den pedagogeschen Ekippen vun dem ënneschten oder dem ieweschten Zyklus, Strategien fir d'Fërderung no uewen oder no ënnen vu Schülerinnen a Schüler auszeschaffen, fir dass déi eenzel Kompetenzen sech innerhalb enger onbestëmmtener Zäit entwéckelen kënnen;
- d'Vertrieder vun der multiprofessioneller Equipe ze consultéieren, virun allem fir Schüler, déi vun engem individuellen Fërderplang profitéieren, an sou hire Suivi ze garantéieren;
- fir mat de Memberen vum SEA Personal fir d'Kontinuitéit vun de Léierprozesser ze suergen, a wann néideg, Hëllef bei Hausaufgaben ze bidden;
  […]

Zesummen a mat Iech suerge mir dofir, dass är Kanner en eenheetlecht, pedagogescht Encadrement kréien.




<u>Vu lénks no riets:</u> *Natascha Wies (C1B), Annette Schroeder (C1A, Comitésmember), Tanja Antony (Surnuméraire C1), Stephanie Marques (C1C, Remplaçante), Laura Wagner (C1D, Coordinatrice de cycle), Marylène Pirson (C1 Precoce), Diane Oesch (C1 Precoce), Mireille Mullheims (Eseb), Monique Jacoby (Eseb), Carine Frieseisen (IEBS).*




<u>Vu lénks no riets:</u> *Claire Salentiny (Surnuméraire C2, Remplaçante), Benoît Arendt (C2.2B), Diana Gonçalves (Surnuméraire C2.1A / Présidente du comité d'école), Sabrina Giannini (Surnuméraire C2.1B), Maryse Reding (C2.1B), Véronique Thill (Surnuméraire C2.2), Conny Thilmany (C2.2A, Coordinatrice de cycle), Carine Frieseisen (IEBS), Johny Paiva (C2.1A, Comitésmember).*




Vu lénks no riets: *Pascale Barthel (Eseb), Viviane Brachmond (Surnuméraire C3), Claire Salentiny (Surnuméraire C3, Remplaçante), Lydie Antony (C3.2A), Anna Thies (Surnuméraire C3), Désiré Schiltz (C3.2B, Coordinateur de cycle), Sandra Heirens (C3.1B), Carine Frieseisen (IEBS), Luc Mergen (C3.1A, Comitésmember), Nicolas De Santis (Surnuméraire C3.1A).*




Vu lénks no riets: *Eric Schrantz (C4.1A), Michèle Hansen (Surnuméraire C4.1B), Anna Thies (Surnuméraire C4.1A), Anne Schoetter (C4.2A, Comitésmember), Marie Meyer (C4.1B), Yves Van Oekel (Surnuméraire C4.2, Remplaçant), Raoul Schmit (C4.2B, Coordinateur de cycle), Carine Frieseisen (IEBS).*

# Les équipes pédagogiques de l'école fondamentale de Redange/Attert se présentent

Chers parents, chers responsables assurant l'autorité parentale,

Dans la vie scolaire quotidienne, les écoliers sont pris en charge par leur titulaire de classe et par un à deux surnuméraires dans les classes. Le titulaire, qui est votre premier interlocuteur, travaillera non seulement avec les surnuméraires de la classe, mais aussi avec une équipe. La soit-disante « équipe pédagogique » est constituée de tous les titulaires et surnuméraires d'un cycle. L'équipe pédagogique se réunit régulièrement pour discuter sur des activités d'apprentissage ou des projets communs, des mesures de différenciation, etc. Une pièce écrite des décisions prises lors des concertations est conservée par le coordinateur du cycle. Sur décision de l'équipe pédagogique, un élève qui, après une année d'enseignement, maîtrise les objectifs définis pour la fin du cycle peut être admis au cycle suivant. En revanche, et après analyse du processus d'apprentissage, l'équipe pédagogique peut accorder à un élève de passer une année supplémentaire au sein du cycle afin de lui permettre d'atteindre les objectifs définis pour la fin du cycle (Art.23 Loi du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental).

Selon l'art. 1. du règlement grand-ducal du 27 avril 2009, chaque équipe pédagogique d'un cycle d'apprentissage a pour missions:

- d'organiser les apprentissages et les mesures de différenciation pour transposer au niveau des classes du cycle d'apprentissage les dispositions du plan d'études ainsi que les objectifs du plan de réussite scolaire;
- d'organiser, en cas de besoin et pour des périodes de courte durée, la répartition des élèves d'un cycle dans des groupes d'apprentissage de besoin, de projet et d'intérêt à composition variable afin de placer chaque élève dans des conditions optimales d'apprentissage;
- de répartir les activités d'apprentissage et les heures d'appui en fonction des besoins des élèves du cycle d'apprentissage entre les membres de l'équipe;
  […]
- d'élaborer et de mettre en œuvre des situations d'évaluation;
- d'évaluer les performances des élèves;
- d'informer les parents sur l'organisation et l'évaluation des apprentissages;
- d'élaborer en concertation avec les membres des équipes pédagogiques des cycles d'apprentissage précédent et subséquent concernés des stratégies de prise en charge continue pour les élèves qui présentent une avance ou un retard par rapport aux compétences à développer dans le temps imparti;
- de se concerter avec des représentants de l'équipe multiprofessionnelle, notamment pour organiser l'encadrement des élèves bénéficiant d'un plan de prise en charge individualisé et pour assurer leur suivi;
- de se concerter avec des membres du personnel de la maison relais pour enfants afin d'assurer la cohérence des apprentissages et d'organiser en commun, le cas échéant, l'aide aux devoirs à domicile;
  […]

Avec vous, nous veillons à ce que vos enfants puissent profiter d'un cadre pédagogique uniforme.




<u>De gauche à droite:</u> *Natascha Wies (C1B), Annette Schroeder (C1A, membre du comité), Tanja Antony (surnuméraire C1), Stephanie Marques (C1C, remplaçante), Laura Wagner (C1D, coordinatrice de cycle), Marylène Pirson (C1 précoce), Diane Oesch (C1 précoce), Mireille Mulheims (Eseb), Monique Jacoby (Eseb), Carine Frieseisen (IEBS).*




<u>De gauche à droite:</u> *Claire Salentiny (surnuméraire C2, remplaçante), Benoît Arendt (C2.2B), Diana Gonçalves (surnuméraire C2.1A, présidente du comité d'école), Sabrina Giannini (C2.1B), Maryse Reding (C2.1B), Véronique Thill (surnuméraire C2.2), Conny Thilmany (C2.2A, coordinatrice de cycle), Carine Frieseisen (IEBS), Johny Paiva (C2.1A / membre du comité).*




<u>De gauche à droite:</u> *Pascale Mamer (Eseb), Viviane Brachmond (surnuméraire C3), Claire Salentiny (surnuméraire C3, remplaçante), Lydie Antony (C3.2A), Anna Thies (surnuméraire C3), Désiré Schiltz (C3.2B, coordinatrice de cycle), Sandra Heirens (C3.1B), Carine Frieseisen (IEBS), Luc Mergen (C3.1A, membre du comité), Nicolas De Santis (surnuméraire C3.1A).*




<u>De gauche à droite:</u> *Eric Schrantz (C4.1A), Michèle Hansen (surnuméraire C4), Anna Thies (surnuméraire C4), Anne Schoetter (C4.2A, membre du comité), Marie Meyer (C4.1B), Yves Van Oekel (surnuméraire C4, remplaçant), Raoul Schmit (C4.2B, coordinateur de cycle), Carine Frieseisen (IEBS).*